

# NEWSLETTER « LËTZEBUERGER JUGENDPOMPJEEËN »



6. Januar 2020 / 032

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen, Stellvertrieder, wäert Kollegen,

# 2020

## Alles Guddes fir 2020

2019 ass Geschicht. Bei de Jugendpompjeeën ass vill geschitt, nei Uniforme mat nach puer Problemer mä och mat Léisungen am Joer 2020, CTIF-Concours zu Martigny (Ch), de Switch vum FGA op FIS1, Ännerungen beim Médico ab dem 01.01.2020 a Finalisatioun a Saache Jugendleeder, d.h. REA a Neiopsteze vun de Kuren.

2020 steet weider nach vill Aarbecht um Programm, d.h. Médico, FIS1, REA, CTIF-Concours 2021 zu Celje (Slowenien) . Jiddereen muss sech um des Matière (Médico & FIS1) upassen a se ëmsetzen. All Jugendleeder muss Matière vum FIS1 kréien fir hei mat sengen Jugendlechen ze léieren a hei hoffen mir op eng Léisung säitens dem INFS fir dass si dëst kréien. Wann awer Hëllef gebraucht gëtt, dann frot eis resp. gitt d'Froen iwwert ären Regionaljugendleeder un JFA weider.


Mir schaffen fir iech als JFA wieder un allen Fronten a wäerten iwwert eis Newsletter informéieren.

**Merci am Numm vum JFA!**

Äert Team aus dem Jugendausschoss!

Newsletter 032 – [www.jugendpompjeeen.lu](http://www.jugendpompjeeen.lu) – Ausgabe Januar 2020

[nicolas.grisius@cgdis.lu](mailto:nicolas.grisius@cgdis.lu) // Gsm: 661 231068



## MATDEELONG VUM DEPARTEMENT DES POMPIERS VOLONTAIRES CGDIS - DPV

Un déi Responsabel vun der "Unité jeunes pompiers" : Wéi Dir wësst kënnen d'Jugendpompjeeën ab dem Alter vu 15 Joer hiiren Iwwergang bei déi opérationnel Pompjeeën preparéieren :

Denkt dofier weg drun dat jidferen muss sain 1. Hëllef Cours hunn: Aschreiwungen iwwer [cours.cgdis.lu](http://cours.cgdis.lu)

Ier ee kann sai Médico «A» fir déi roud Sait an/oder «B» fir de secours à personne maachen, muss een um Sportstest vum CGDIS deelgeholl un. Datumer fir d'Joer 2020 sinn:

Januar	18.01	Clervaux
Februar	22.02	Bettembourg
März	14.03	Pétange
Abrëll	18.04	Bettembourg
Mee	16.05	Niederanven
Juni	20.06	Mamer
Juli	18.07	Wasserbillig
August	08.08	Bascharage
September	19.09	Clervaux
Oktober	17.10	Hesperange
November	07.11	Bascharage
Dezember	19.12	Hesperange



Umellen kënn Dir d'Leit iwwer de Site [112.lu](http://112.lu). Ënner der Rubrik: "Recrutement / Devenir Pompier volontaire" fannt Dir déi néidech Détailler an och de Link fir d'Leit anzeschreiwen.

# MATDEELONG VUN DER "DIRECTION MEDICALE ET DE LA SANTE"

## Réf. INF-DMS-2019-12-11

### Explicationen betreffend déi nei Kategoriën vum Service santé au travail des pompiers

Wéi schonn am Virfeld ugekënnegt, goufen an der Sitzung vum 28 November 2019 vum conseil d'administration vum CGDIS verschidden Ännerungen an den Kategorien vum den Ënnersichungen fir d'Pompjeeën ugeholl.

Heimadde wéilte mir iech déi Haaptchangementer méi no bréngen, déi alleguer vum **1 Januar 2020** un gëlle wäerten.

Fir d'éischt sief nach eng Kéier drop opmierksam gemaach, dass den Service santé au travail des pompiers (STP) e Service ass, den de CGDIS offrëiert fir potentiell Gesondheitsproblemer ze detektieren, déi de Pompjee am Asaz kéinten a Gefor bréngen oder senger Gesondheet kéinte schueden. Ausserdeem soll séchergestallt ginn, datt de Pompjee gesond a fit genuch ass, fir deene Leit, déi op Hëllef waarden, och kënnen déi néideg Hëllef ze leeschten.

Déi nei Approche, déi mir gewielt hunn, ass dorobber ausgericht fir méi inklusiv ze sinn an och de System ze vereinfachen. Verschidde Krittären goufen op Basis vum SIGYCOP Katalog, den däitsche Richtlinnen an deene virdrun bestoende Reegelen fir Lëtzebuerg, op d'Situatioun am CGDIS ugepasst, anerer goufen bäibehalen. Besonnesch Asätz ënnert Otemschtz stellen eng ganz extrem Belaaschtung fir de Kierper duer, déi iwwer eng sportlech Betätigung erausgeet.

Folgend prinzipiell Ännerungen goufen vum Verwaltungsrot op Gronn vun enger Propose vum Comité directeur decidéiert :

1. D'Otemschtztauglechkeet an och d'Droen vum Chemikallenschutzanzug (« **ARI/CSA** ») ass elo eng separat Aptitude a gehéiert net méi zu der Kategorie « A ». Deemno ass et elo méiglech dës Aptitude mat all aner Kategorie ze kombinéieren. D'Krittären bleiwen nach ëmmer déi selwescht wéi virdrun, et muss e gesond an och fit sinn an op mannst 18 Joer al sinn fir kënnen ënnersicht ze gin. Den Alter fir eng verkierzt Noënnersichtung gouf erhéicht. Déi maximal Periodicitéit ass op 36 Méint (<50 Joer) eropgesat gin an ass 12 Méint fir déi déi  $\geq 50$  Joer al sinn. D'Toleranz vun der Referenzvaleur (Hären 3W/kg, Dammen 2,5 W/kg) ass op minus10% fixéiert gin, onofhängeg vum Alter.

9. Bei der « **catégorie J** » (Jugendpompjeeën) gouf déi maximal Periodicitéit op 60 Méint erhéicht. Vum 1. Januar 2020 un, ginn Mannerjähreger nëmmen nach a Begleedung vun engem Erziehungsberechtigten ënnersicht. Fir Jugendlecher vun 16 bis 18 Joer kann an Ausnahmefäll eng Ënnersichtung stattfannen wann eng «*déclaration parentale*» virlait.

Ze bemierken bleift nach, dass et sech hei ëmmer ëm déi maximal Periodicitéit handelt an den Dokter op Grond vun der Ënnersichtung natierlech kann decidéieren dësen Zäitraum erofzesetzen.

Mir sinn iwwerzeegt, dass dës nei Organisatioun vum de Kategorien viles méi einfach mécht an och enger Rei vu Leit d'Méiglechkeet bitt, trotz net der beschter Gesondheet oder Fitness awer nach am Déngscht vun hire Matbierger am CGDIS aktiv ze bleiwen. Allerdéngs muss een och kloer soen, dass et bei enger ganzer Rei vu Krittären kee Spillraum méi get fir nach méi «kopzockeren», ouni datt e Risiko am Asatz géif duerstellen. Weiderhin bleift et de Wonsch vun der Direktioun vum CGDIS an d'Gesondheet vun Pompjeeën ze investéieren an d'Memberen ze encouragéieren eppes fir hier Gesondheet ze maachen. Dofir wäerten d'Offer u Sportaktivitéiten an am Beräich vun der Ernährungsberodung elo kuerzfristeg ausgebaut gin.

## JUGENDAUSSCHOSS VUM 09.12.2019

Am Jugendausschoss vum 09.12.2019 waren dës kéier Dokteren Knauf a Bisdorff présent, fir eis d'Ännerungen a Saachen Medico z'erklären. Hei ee klenge Résumé wat geschwat ginn ass.

### **WAT ÄNNERT OP DEN 01.01.2020?**

Kee Jugendlechen ënner 18 Joer gëtt méi ënnersicht unni Präsenz vun engem Elterndeel. An der Praxis ass d'Ennersichung schwéier, well de Froebou ganz oft vun den Elteren falsch oder onvollstänneg ausgefëllt gouf. Meeschtens ass dann och kee Retour vun den Elteren do. An da leit den Dossier wéi laang en suspens. Dat ass natierlech problematesch fir de Suivi vum Dossier. **Dofir mussen d'Elteren lo emmer dobai sinn wann hier Kanner ennersicht ginn.** En aneren Grond ass dass zum Beispill beim Bluthuelen den Accord vun den Elteren muss gi sinn. Ausnahm ass fir déi 16-18 Jähreg, do mussen d'Elteren net onbedengt mat (waer awer unzerooden). Fir déi Fäll gëtt et dann awer eng Déclaration parentale (op Dynaforms). Och um Site mobile mussen d'Elteren dobai sinn.

Kleng Randnotiz: Beim Médico sportif muss och emmer een Elterndeel dobai sinn. Maer bei de Jugendpompjeeën waren do emmer e bessi d'Ausnahm.

Dës Procédure gëllt ab 01. Januar, also all déi Rendez-vousen déi lo scho fix sinn fir de Januar, do mussen d'Elteren scho matgoen. **Passt do w.e.g op.** D'Rendez-vous'en bleiwen Dënnschdes an Donneschdes mëttes an der Stad.

Eng gutt Nouvelle: Périodicitéit fir de Réexamen ass op **5 Joer** (maximal) eropgesaat ginn. Et gëtt allerdéngs kee Minimum, d.h. et kann och sinn dass ee Jugendpompjee just fir e puer Méint guttgeschriwen gëtt.

Prinzipiell daerfen d'Kanner just 1/3 vun hierem eegenen Kierpergewicht hiewen (Material), dat ass allerdéngs just eng Richtlinn.

Médico équivalent: 3 Méint gültig: Den Dokter brauch den Dossier médical aus dem Médico sportif, net nemmen ee Certificat, soss kann en net unerkannt ginn.

Déi 16 a 17 Jähreg kënnen Samsdes (4 x am Joer) an d'Stad kommen (Mat Elteren oder Déclaration parentale), oder eben an der Woch.

De **Médico mobile** fir déi 6-15 Jähreg (oder bis 18 Joer wann se an der Jugend bleiwen), ass emmer Denschdes an Donneschdes mëttes, vun 13h30 bis 17h00, mat ausgewielten Plagen, déi vum Responsabelen vun der Regioun agedroen ginn, mat mindestens 30 Kanner a max. 36 Kanner. Et kommen 4 Kanner pro Plage, also pro hallef Stonn, un den Tour. A wéi gesoot, och hei mussen d'Elteren dobai sinn.

**Organisatioun-Oflaaf vum Site mobile:** De Regionaljugendleeder freet ee Site mobile un a gëtt gläichzäiteg den CIS bekannt, wou de Medico soll ofgehalen ginn. De RJL schéckt déi ausgefëllten Terminfroen JSP fir déi Kanner déi mussen ennersicht ginn un d'Sekretariat STP (minimum 6 Wochen am virus). Den STP schléit dem RJL mat Zouschécken vun der Terminbestätegung Datumer fir de Medico vir, mat deene verschiddene Plagen. De RJL préparéiert Terminer mat den Auerzaiten fir alleguer d'Kanner, a schéckt dat un déi jeweileg Moniteurs (Jugendleeder) weider. Déi mussen da mat den Elteren kucken ob fir si deen Datum resp. déi Auerzait ok ass, an suert dofir dass den medizineschen Froebou resp. d'Catégorie Formular (**voir en annexe**) un d'Elteren geet an och ausgefëllt mat an de Medico geet. Wann deen Datum oder d'Auerzait net sollt klappen, da kuckt de Jugendleeder zsm mam Regionaljugendleeder fir een aneren Termin.

D'Demande fir de Medico mobile muss beim Conny Kuffer gestallt ginn vum Regionaljugendleeder.

Et kënn eng Note de service eraus iwert d'KO Bestëmmungen. (Altersgrenzen, Périodicitéit)

Newsletter 032 – [www.jugendpompjeeen.lu](http://www.jugendpompjeeen.lu) – Ausgabe Januar 2020

[nicolas.grisius@cgdis.lu](mailto:nicolas.grisius@cgdis.lu) // Gsm: 661 231068

D'Formularen fir an de Medico, also d'Fiche médicale, muss vun den Elteren ausgefüllt ginn, d'Moniteuren sollen dat Ganzt awer am Aa behalen, resp. d'Elteren drunn erenneren, dass déi Formularen indispensable sinn fir dass d'Kanner kënnen ennersicht ginn.

Ee Jugendpompjee mat 16 Joer, deen net bei déi Aktiv wiesselt, muss weiderhinn sai Médico J maachen oder behalen. Ee 15 Jähregen daerf mat engem Medico J ee Schnuppercours bei den Aktiven maachen. Déi 16 Jähreg, déi an den Aktiven Déngscht wiesselen, mussen fir d'éicht de Sportstest maachen, an dann de Medico A.

Den DMI stellt nächst Joer och eng Diätassistentin an.

BMI iwert 40 ass inapte. D'Ënnergrenz ass ee BMI vun 18, dat ass awer ee Sollwert, an den Dokter décidéiert an huet do nach emmer e bessi Spillraum.

### Aktivitéitskalenner:

Datum	Aktivitéit	Wou	Kontakt
17.02.&18.02.20	20-02-CIC I	SADIFF	SÜDEN
19.02.&20.02.20	20-02-CIC II	SADIFF	SÜDEN
22.02.&23.02.20	20-03-CIC I	JUNGLINSTER	OSTEN
07.03.&08.03.20	20-04-CIC II	JUNGLINSTER	OSTEN
14.03.&15.03.20	20-04-CIC I	MAMER	ZENTRUM
21.03.&22.03.20	20-03-CIC II	MAMER	ZENTRUM
29.03.2020	NAT. SCHWAMMEESCHTERSCHAFT	DIEKIRCH	NORDEN
24.04.2020	GENERALVERSAMMLUNG FNP	VIANDEN	NORDEN
25.04.2020	GENERALVERSAMMLUNG JFA		OSTEN
20.06.2020	NAT. JUGENDCONCOURS (Datum à voir)	NIEDERKORN	JFA
26.09.2020	NAT. CROSSMEESCHTERSCHAFT	ROSPORT	OSTEN
	<b>HUET DIR DATUMER- SCHECKT EIS DES!</b>		

## **2020 - POLO FIR EIS JUGENDLECH**

Och eis Jugendlech kréien den Polo vum CGDIS. Ab Januar probéieren ech souvill Set'en ewéi méiglech un iech weider ze ginn.

Maacht mir dann eng E-mail → [Nicolas.Grisius@cgdis.lu](mailto:Nicolas.Grisius@cgdis.lu), ech kucken ewéi dir den Set mat Excel-Tabell krit. Ech kréien Excel-Tabell zeréck a duerno maachen mir Rdv zu Niederfeelen, wou ech Polo'en ausdeelen. (Hei hunn mir e Stock vun 08 bis 16 Joer – XS a S etc. klären ech och mam DML of.)



**Mir probéieren allegueren Är Wënsch mat anzebannen ☺!  
Well Dir eis Newsletter bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**